



tiounen. An dat demokratesch virgesinnent Zesummesspill vun den Institutiounen hei am Land, dat huet gëschter Moie mat deem Interview vum Procureur général awer nach eng Kéier en daitleche Coup kritt.

Duerfir bleiwe mir bei eiser Propos, déi ech gëschter Moie schonn an der Conférence des Présidents gemaach hunn, fir där doter Saach Prioritéit ze ginn. Well mer leider am Laf vum Dag gëschter erëischt gewuer gi sinn, datt de Verbatim nach net konnt, wéi versprach, gëschter erauskommen, mä dann eben elo erëischt haut de Mëtte soll public gemaach ginn, kann ech domadder d'accord sinn, dass mer muer de Mëtten doriwwer diskutéieren.

Ech mengen awer, datt et wichteg wär, datt dëst Haus géif weisen, datt mir d'Prioritéit hunn, fir den Ordre du jour vun eisen eegenen Debatte kënnen ze organiséieren, an och erkennen, wat de Leit dobaussen am Land momentan um Häerz läit.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Sou! Ech mengen, et wär alles gesot. Mir géifen dann ofstëmmen iwwert den Ordre du jour, esou wéi e vun der Presidentekonferenz virgeschloe gëtt.

Fir all déi, déi mat deem Ordre du jour averstane sinn, déi stëmme mat Jo. Déi net mat deem Ordre du jour averstane sinn, stëmme mat Neen. Also den Ordre du jour, esou wéi e vun der Presidentekonferenz virgeschloe gëtt.

Vote sur l'ordre du jour

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Den Ordre du jour ass ugehall mat 41 Jo-Stëmme géint 19 Nee-Stëmmen, bei kenger Enthaltung.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par Mme Nancy Arendt), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. Jean Colombara et Jacques-Yves Henckes.

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Dann ass den Ordre du jour esou akzeptéiert.

Eisen éischte Projet de loi vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 6485, eng Ofännerung vum Code de commerce. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Adehm, d'Madame Polfer an den Här Klein.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

7. 6485 - Projet de loi portant modification de l'article 567 du Code de commerce

Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären: „De Gesetzesprojet 6485, dat ass e klengje Projet fir d'Justiz, et ass awer e grouse Projet fir d'Kommunikatiounen“, dat waren d'Wierder vum fréieren Justiz- a Kommunikationsminister, wéi hien dëse Projet an der Justizkommissioun vun der Chamber presentéiert huet. Et ass dem Fränz Biltgen säi Bëbe. An hie wollt zum Enn vu sengem Mandat dëse Projet och nach onbedéngt gestëmmt hunn.

Mir sinn dat éischt europäescht Land, wat seng Faillitélégislatioun op de sougenannten „cloud computing“ achséiert. Mir schafe Rechtssécherheet an deem Beräich. An dat ass e wesentleche Kompetitivitéitsvirsprung vun eisem Land op deem Plang. An Zuelen ausgedréckt: De Cloud computing ass e Marché an der Europäescher Unioun, deem am Joer 2009 iwwer véier Milliarden Euro ausgemaach hat, mat engem Wuesstum vun 20% bis 2015.

Här President, Cloud computing steet eigentlech fir „Rechnen an der Wollek“. Vereinfacht ausgedréckt, stellen ech Informatikinfrastrukturen zur Verfügung, déi da vun anere kënnen gelount ginn, fir hir Daten dorop ofzespäicheren. De Stockage vun enger Entreprise hiren Donnéeën geschitt net méi bei hir selwer, mä gëtt souzese geografesch ausgelagert.

Et heescht, de Problem ze léisen, wann eng Firma, déi Cloud computing, also Stockage ubitt, Faillite mécht. Kommen déi aner Leit dann nach un hir Donnéeën a kënnen si déi nach erëmkreien? Ee generelle Prinzip an eisem Failliterecht ass nämlech deen, dass am Fall vun enger Faillite alles an d'Masse vun der Faillite fält an déi eenzel Créancieren, dat heescht déi Leit, déi nach Suen ze kréien hunn, net individuell méi kennen hir Geldfuerderungen akloen.

D'Faillite gëtt vum Curateur ofgewéckelt. An der Regel ass dann de Stat mat de Steieren an de Sozialversécherunge vir, an déi aner Créancieren deele sech de Rescht. Oft sëtze si herno da mam Fanger am Mond do.

Eng Ausnahm ass de sougenannten „droit de revendication“, dat heescht d'Reckfuerderungsrecht. Dat spillt am Fall, wou Wuere bei dem Faillitier an Dépôt gesat goufen oder bei him consignéiert gi sinn. An deem Fall ass de Faillitier jo net Propriétaire vun deene Saachen. Si falen och net an d'Masse vun der Faillite, an déi rechtlech Propriétaire kënnen dës dann och zréckfroen.

Dofir mussen awer dräi Konditiounen erfëllt sinn:

Éischstens, déi Saach, déi ech bei de Faillitier an den Dépôt ginn hunn, muss e Géigestand sinn, dee physisch existéiert an individualiséierbar ass. Dat heescht, ech muss e kënnen trenne vun anere Saachen. Zweetens, de Géigestand, deen ech an den Dépôt ginn hunn, muss als solchen nach bei der Faillite existéieren. An drëtters muss ech rechtlech Propriétaire vun deem Géigestand sinn.

Eise Code de commerce geet mat senge Bestëmmungen iwwert d'Failliten zum Deel op den Ufank vun dem 19. Jorhonnert zréck. An deemools gouf et nach kee Cloud computing. Dofir schwätzt den Artikel 567 vum dem Code de commerce, deen d'Reckfuerderungsrecht regelt, vun „marchandises“, also vu Wueren. D'Richter hunn dee Begrëff awer ëmmer méiglechst breet ausgeluecht, fir d'Reckfuerderungsrecht dach large ze kucken. Mä de Stockage vun Donnéeën ass schweier mat dem Wuert „marchandise“ ze ëmfaassen. Fir Rechtssécherheet ze schafen, gëtt elo an Zukunft eng kloer Trennung an den Text ageschriwwen tëscht Gidder, déi eng physisch Existenz hunn, an deene Gidder, déi een net kann upaken.

Dofir gëtt um Niveau vun dem Artikel 567 vum dem Code de commerce an Zukunft d'Trennung vu Biens meubles corporels non fongibles a Biens incorporels non fongibles gemaach. Fir déi éischt Zort vu Gidder ännert sech näischt. D'Revendicatioun leeft nom ale Muster of. Fir déi zweet Zort, dat heescht Gidder, déi ech net kann upaken, do gëtt d'Revendicationsprozedur elo ugepasst.

An do läit den eigentleche Grond vun der Gesetzesännerung. Et geet nämlech drëm, Donnéeën oder Fichieren ze ëmfaassen, déi vun enger Cloud-computing-Firma gehale ginn. Wann also esou eng Cloud-computing-Firma faillite geet, da kënnen déi Donnéeën zréckgefuerdert ginn.

Natierlech ass d'Revendicatioun an esou Fäll un eng Partie Konditiounen gebonnen:

1. Déi informatesch Donnéeën mussen individuell bei der Firma, déi Faillite gemaach huet, verfügbar sinn.
2. Dës Donnéeën mussen nach am Besëtz vum Faillitier sinn, am Sënn vun enger sougenannter „legaler Possessioun“ oder enger Détentioun.
3. D'Date mussen kënnen vum allen aneren Donnéeën am Moment vun der Faillite getrennt ginn.

Konkret heescht dat, dass de Curateur dat kann duerchféieren, zum Beispill duerch Logicielen oder Infrastrukture vum Faillitier. D'Käschte vun dëser Operatioun muss awer deen, dee reklaméiert huet, iwwerhuelen. D'Plus-value vun deem Gesetz ass grouss, well am Fall vun enger Faillite ass déi genau Prozedur fir d'Revendicatioun vun dësen Donnéeën a Fichiere geregelt.

Ech verweise fir de Rescht op mäi schrëftleche Rapport, deen d'Justizkommissioun eestëmmeg ugehall huet.

► **M. le Président.** - Merci dem Rapporteur. An als éischt Riednerin ass d'Madame Diane Adehm agedroen. Madame Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Diane Adehm (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Alles, wat engem

frem ass, deem begéint ee mat enger gewëssener Ängschtlechheet. An esou ass et och mat dem Cloud computing.

Laut engem Sondage, deen an Amerika duerchgefouert gouf, konnten d'Halschent vun de Leit näischt mam Begrëff „cloud“ am technologesche Sënn vum Wuert ufänken. Dat ass erstaunlech, dass an engem Land, dat de World Wide Web esou matgeprägt huet, d'Leit net besser informéiert sinn. Gitt emol eng Kéier eraus op d'Strooss an da frot Der d'Leit, ob de Begrëff „cloud“ hinnen eppes seet. Ech si gespaant op d'Antworten, déi do zesummekommen.

An dobäi ass de Cloud computing alles anescht wéi nei. Sief et fir e Virement ze maache via E-Banking, sief et fir eng Rees ze buchen oder fir an de sozialen Netzwerker erëmzegeeschteren oder eng E-Mail ze verschécken: Mir hunn eigentlech ëmmer an der sougenannter „Wollek“ interagéiert. Un deem Prinzip huet sech also bis haut näischt geännert. Cloud bitt haut, wéi och fréier, d'Méiglechheet, Donnéeën am Netz ze stockéieren, dës Donnéeën ze beaarbechten a vun egal wou Accès op si ze hunn.

Ech géif op dëser Plaz eng Kéier just ganz kuerz op d'Technik vum Cloud computing agoen. Cloud computing huet am Allgemenge verschidde Modeller:

Deen éischten ass déi sougenannten „Software as a Service“. Hei bidde spezialiséiert Firmen informatesch Programmer un, an de Verbraucher ass net méi forcéiert, d'Programmer alleguer selwer ze kafen.

Deen zweete Modell ass d'„Platform as a Service“. Dëse Modell wennt sech haaptsächlech un d'Firmen. Si kafen d'Programmer an de Cloud-Prestataire liwwert d'informatesch Plattform, op där dës Programmer lafen. Dëse Modell gëtt oft benotzt, wann et sech ëm ganz spezifesch Programmer handelt, déi net ganz vill vun anere Firme benotzt ginn.

Deen drëtten Modell ass „Infrastructure as a Service“. Dëse Modell wennt sech och haaptsächlech u Betriber. Si gëiere selwer d'Programmer an och d'Exploitationssystemer vun de Serveuren. De Cloud-Prestataire gëiert de Serveur, den informatesch Réseau an de Stockage vun den Donnéeën.

An et gëtt an deem Zesammenhang och ëmmer méi vun engem véierte Modell geschwat, den „Data as a Service“. Hei kann e Betrib oder eng Privatpersoun bezuelen, fir Zougrëff op eng Database ze kréien.

Duerch den technologesche Fortschritt, duerch méi staark Prozessorer, duerch méi Stockagecapacitéiten an och méi schnell Kommunikatiounsnetze doer sech awer ëmmer nees nei Méiglechkeeten op. D'Wollek - de Cloud - gëtt et also scho ganz laang. Si war eben net esou flächendeckend wéi elo. E puer kleng Wolleken hunn eis net fäerte gedoen. Bei enger Sonnenfinsternis awer zucke mer zesammen, an dat ouni wierklech Begrënnung.

Här President, Ängscht begéint een am beschten, andeems een d'Leit opkläert, erkläert, wou d'Risiko leien, andeems een d'Leit ganz jonk mat der Saach konfrontéiert a familiariséiert. Dës Astellung gëtt och vun der Regierung gedeelt. An hirem Programm vun 2009 steet, dass d'Regierung och an Zukunft alles wäert drusetzen, fir de breede Public iwwert d'Risiko vun der Informationsgesellschaft ze informéieren an ze sensibiliséieren. Initiativen ewéi CASES, BEE SECURE an och de Luxembourg Safer Internet hunn a regelméissegem Ofstänn d'Leit opgekläert.

Hei ass et wichteg ze ënnersträichen, dass d'Gefor net vum Cloud ausgeet; dee verselbstständegt sech jo net. D'Menacen, déi ginn ëmmer vun de Leit aus, op där enger Säit vu Leit, déi kriminell Intentiounen hunn, an op där anerer Säit awer och vu Leit, déi ze vill onbekëmmert am World Wide Web optrieden. Sensibel Donnéeën gi ganz oft lichterhand un Drëtter weiderginn, ouni sech vill Gedanken ze maachen iwwer méiglech Abusen.

Am Kader vun enger rezenter Etüd, déi europawäit duerchgefouert ginn ass, sinn och Leit zu Esch, an der Stad an zu Dikrech gefrot ginn, ob si scho perséinlech Daten am Netz un Drëtter weidergereicht hunn. 78% hu mat Jo geäntwert. Ronn 30% hunn doriwwer eraus net gezéckt, de Studenten, déi déi Émfro gemaach hunn, hir Passwierder weiderzeginn. Dëst ass dach erschreckend! Iwwer 300 Leit vun de knapps 1.200 Befroten hunn ouni ze zécken de Schlëssel op en Deel vun hirer Privatsphäre rausginn. Eng méi grouss Opklärung ass also nach ëmmer néideg. Duerfir wier ech och frou, wann d'Regierung nach méi Efforte géif maachen fir eng verbessert Educatioun a Sensibiliséierung vun de Leit dobaussen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sollen awer hei net an e Sécherheitswahn verfallen. Et bréngt nämlech näischt, op deem Gebitt ze bunkeeren. Den ICT-Secteur ass zukunftsweisend a mir

däerfen hei op kee Fall den Zuch verpassen. Déi europäesch Kommissioun huet berechent, dass e verstärkte Recours op d'Cloud-Industrie e Gesamteffekt vun 957 Milliarden Euro op de PIB vun der EU huet. Doriwwer eraus kéinten doduerch 3,8 Milliounen Aarbechtsplaze bis 2020 entstoen.

An dat Ganzt soll och nach ökologesche nohalteg sinn. Dat dierft jo och de grénge Memberen hei am Haus gefalen. Laut Berechnungen aus den USA wieren nämlech Aspuerunge vun Energiekäsche vu ronn 9,4 Milliarden Euro méiglech, wann déi grouss Entrepreneuren an Amerika géifen op d'Wollek zréckgräifen.

Wann een also vun enger Baisse vun Energiekäsche schwätzt, heescht dat och eng Baisse vum Energieverbrauch. Wann een all dës Zuele kuckt, dann erkläert sech vum selwen, firwat et wichteg ass fir Lëtzebuerg, hei unzegräifen an eventuell souguer zum Virreider an Europa ze ginn. Mir dierfen als Land dësen Zuch wierklech net verpassen. Déi gréissten Utilisateure vum Cloud waren a si jo bekanntlech eis Finanzinstitute. An do hu mir eng Exzellenz entwéckelt, notament wat d'Sécherheet vun den Daten ugeet, déi hiresgläiche sicht.

Mir hunn och de PSF-Statut agefouert am Finanzsektor. Mat deem Statut soll de Professionnel du secteur financier och gewësse Regele respektéieren. Och de PSF ënnerläit der Op-sicht vun der Commission de surveillance du secteur financier. Dëst ass wichteg ervirzeesträichen, well déi Firmen, déi Cloud-Servicer ubidden, bidden dës Servicer och eise Finanzinstitute un. A wat haut fir Banken- a Finanzhaier normal ass, soll an Zukunft och fir aner Betriber Usus ginn.

Här President, de Fränz Biltgen, eisen deemolege Justizminister, och zoustänneg fir Medien a Kommunikatioun, huet am Oktober 2012 e Gesetzesprojet an der Chamber déposéiert, deen der Cloud-Industrie zeguttkomme soll. De Fränz Biltgen huet also dëse Gesetzesprojet hei déposéiert, an dat ass eng Première a ganz Europa - nach a kengem Land gouf e spezifesch Kader an där Matière gesat -, fir de Standuert Lëtzebuerg am ICT-Beräich ze pushen a fir also zur Diversifizierung vun eiser Ekonomik bäizedroen, fir fir nei Aarbechtsplazen ze suergen an domadder och der Kris entgéintzekommen.

Hien huet dat net gemaach aus enger Laun eraus, mä a ganz enker Zesummenaarbecht mam concernéierte Sektore. Ech wëll him dofir och haut Merci soen. Mat deem Gesetzesprojet gi mir de Betriber nämlech zousätzlech Rechtssécherheet, déi et virdrun net an deem Mooss ginn ass. Bis haut sinn d'Entrepreneuren nämlech der stänneger Gefor ausgesat, am Fall vun der Faillite vun engem Cloud-Prestataire d'Daten, déi do gespäichert goufen, ze verléieren oder iwwer länger Zäit net méi kennen ze accédieren.

Et brauch ee sech just virzustellen, dass de Curateur vun esou engem Prestataire, fir Käschen ze spueren, sämtlech vun der Firma gehale Servieren eroffiert. Dat hätt natierlech desastréis Konsequenzen op dës Entrepreneuren. Domadder ass et also elo eriwuer. D'Récupératioun vun esou Donnéeën am Fall vun enger Faillite gëtt elo ganz detailléiert geregelt, an dat zur Zefriddenheet vun den Acteuren.

Dat Ganzt spillt natierlech nëmmen, wann de Prestataire sech och hei zu Lëtzebuerg befënnt. Mir kënnen natierlech keen zwingen, sech hei ze etabléieren, mä d'Industrie wäert awer schonn derfir suergen, dass dat an Zukunft wäert de Fall sinn.

Dës Rechtssécherheet am Fall vun enger Faillite ass ouni Zweifel e schlagkräfteg Verkafsargument, dat de Cloud-Prestataire sech selwer zu eege maache kann, fir och iwwert d'Grenzen ewech Clienten op Lëtzebuerg ze lackelen oder seng Servicer an der ganzer EU an doriwwer eraus unzébiden.

Wann also d'Industrie dobausse verstärkt op esou Prestataire zréckgräift, da bréngt dat och zousätzlech Aktivitéiten an Economies d'échelle mat sech.

Eis Betriber kënnen ronn 10% bis 20% vun hiren Informatikkäschen aspueren, wa si de Cloud benotzen. Doduerjer gëtt hir Kompetitivitéit gestärkt. Dëst ass en net onwesentleche Facteur.

Et di sech duerch de Cloud nei Perspektiven op, déi och Softwarefirmen net kal loosse dierften. An do erwaarden ech mer dee gréissten Zoufloss.

Mir hunn e gudde bis ganz gudde steierlechen a legale Kader. Duerch eng gënschteg Besteuerung



erung vu geeschtegem Eegentum setze mir al-les drun, och Softwareentwéckler op Lëtzebuerg ze kréien. D'Gaming-Industrie, also d'Spiller, déi een direkt um Internet spille kann, profitéiert vun deem legalen a steierleche Kader, well grad d'Gaming-Industrie och de Cloud benotzt. Mir bréngen et also fäerdeg, eng kompetitiv Législatioun - d'Handels- an d'Berufsskummer schwätze vun „innovation législative“ - op d'Been ze stellen. An elo gëllt et, dat no baussen ze droen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wëllen de Cloud-Hub vun der EU ginn. Mir mussen dofir nach vill méi aktiv am Beräich vun der Vermaartung vun eisen Avantagë ginn. Mir leien am Zentrum vun Europa a mat LU-CIX si mir un déi wichtegst Internetplattformen an Europa ugebonnen. D'Zil vun der Regierung ass et, fir bis 2015 all Entreprise a Stot un de Glasfaserréseau unzeschleissen.

Mir hunn éischtklasseg Datazentren. Iwwer 10% vun de weltwäit als „Tier IV“ ausgezeachten Datazentren stinn hei zu Lëtzebuerg. An anere Wieder hunn dës Zentren déi héchste Qualitätsstuf erreecht. Hannert London, Paräis, Frankfurt an Amsterdam si mir och de fënnefgréissten Datenzentrum an Europa.

D'Politik steet hannert enger kompetitiver ICT-Plaz a setzt alles drun, fir weider no vir ze kommen an deem Beräich. An anere Wieder: Mir hunn all d'Ingrediënten, fir de Cloud computing zu Lëtzebuerg zu enger Success Story ze maachen. Vlächst si mir jo wierklech an nächster Zukunft de Cloud-Hub vun der EU an dorüwwer eraus. An do musse mir den Hiewel usetzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch dëse Gesetzesprojekt komplettéiere mir de Puzzle vun enger nach méi kompetitiver ICT-Plaz. Mir als CSV-Fraktioun stinn hannert dëser Politik an ech wëll dann och am Numm vun der CSV-Fraktioun eisen Accord zu deem Gesetzesprojekt ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Adehm. An als nächst Riednerin ass d'Madame Lydie Polfer agedroen. Madame Polfer, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ech wëll fir d'Alleréischd dem Rapporteur an dem President vun der Commission juridique, dem Här Gilles Roth, Merci soe fir säi ganz ausféierlechen, souwuel schrëftleche Rapport wéi och hei dee mündlechen. An elo nach déi ganz ausféierlech Stellungnahm vun der Madame Adehm, dat wäert mir et erlaben, ganz kuerz ze sinn zu deem Projekt, woubäi et awer e ganz wichtegen an e ganz néidege Projekt ass, deem effektiv eiser Industrie zeguttkënn.

An et ass einfach eng Adaptatioun vun eisem Code de commerce un eben déi nei Technologien. Wéi et och am Rapport ënnerstrach ginn ass, hu mer jo duerch e Gesetz vum 31. Mäerz 2000 an eise Code de commerce agefouert d'Clause de réserve de propriété. Dat war vun deem deemolege Wirtschaftsminister, mengem gudde Frënd, dem Henri Grethen, abruecht ginn, opgrond vun enger Proposition de loi awer, déi ech selwer gemaach hat, schonn e puer Joer virdrun. Dofir ass déi Matière mer op d'mannst vun deem deemolege Stand vun der Technologie ganz bekannt.

Et ass also drëm gaangen, Leit, ob dat elo Commerçantë waren, déi eppes geliiwert haten, losse mer emol soen - huele mer et mat engem einfache Beispill, elo schwätze mer net vu Wolleken, mä elo komme mer mat den Tatsaachen op de Buedem -, losse mer soen, e Büro geliiwert haten, deem awer nach net bezuelt war, ofzesécheren. A wann dann deem an d'Faillite komm ass, da konnt een dee Büro nees zrëckhuele kommen. Dat hu mer 2000 eben duerch dat Gesetz agefouert.

Haut, wéi gesot, ass et wichtig a richtig, datt mer dat adaptéieren eben op d'Biens net corporels mä non corporels, fir eben och an deene Situatiounen, déi eben déi nei Technologie eis gëtt, fir eben déi Sécherheet kënnen anzebauen. Dofir, et ass net, datt mer an de Wolleke sinn, mä déi Wolleken, déi sinn eben do, a wéi eis déi lescht Aktualitéit jo och weist, sinn der eng Rei, déi sech heiansdo an déi Wolleken zerweiere ginn.

Mir wäerten eis heimat op alle Fall doduerch, datt mer dat éischt Land sinn an Europa, wat dat hei an de Code de commerce aféiert, wierklech méi eng grouss Sécherheet fir d'Ubidders vun deene modernen Technologie ginn. An dofir kann ech och am Numm vu menger Frak-

tioun nëmmen den Accord zu deem Projekt ginn.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Polfer. Als nächst Riedner ass den Här Jempi Klein agedroen. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur fir seng ausféierlech Explikatiounen an dem juristesche Volet vun deem Projekt de loi. Ech wollt just e puer Wieder soen iwwert de wirtschaftlechen Aspekt vun deem Projekt de loi.

Dëst Gesetz huet eng grouss Implikatioun fir eis Économie. Duerfir gëtt et och vun der Wirtschaftswelt begréisst. Dat geet och aus de positiven Aweise vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers ervir, déi dëse Projekt de loi ënnerstëtzen.

Lëtzebuerg ass dat éischt Land, wat an deem Beräich Cloud computing léigiféiert. Lëtzebuerg als éischt Land ka sech schnell géintiwwer der Konkurrenz vun deenen anere Länner op deem Plang positionéieren. Sou wéi et ënner anerem och am Avis vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers ervirgestrach gëtt, ass de Projekt de loi ganz wichtig fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg.

D'Regierung huet an de leschte Jore vill Ustengungen ënnerholl a virun allem och vill öffentlecht a privat Kapital an d'Hand geholl, fir eist Land zu enger wichtiger internationaler Plattform am Beräich vun den Informations- a Kommunikationstechnologien auszubauen. Dës Politik dréit mëttlerwäit och hir Früchten. Mir sinn am Ufank weinst eiser niddreger TVA, duerno awer och ëmmer méi weinst eise ganz performanten Informations- a Kommunikationstechnologieinfrastrukturen zur Plaque tournante vum Commerce électronique an der Europäescher Unioun avancéiert.

Mir hu massiv an eis Breetbandkonnexiounen Post/LuxConnect an an eis Datazentren investéiert. Mir sinn haut am internationale Spëtzelopelton, wat d'Konnektivitéit ubelaangt. Haut hu sech bal all déi grouss Entrepreneuren an deem Secteur zu Lëtzebuerg niddergelooss.

Mir sinn awer och amgaangen, nei Secteuren ze erschléissen, wéi elo de Cloud computing, fir deem dëse Projekt de loi besonnesch wichtig ass, andeems en déi néideg Garantie schafft, fir datt d'Propriétaire vun den Donnéeën dës nees récupéiere kënnen am Fall vun der Faillite vun deem, deem den Datenzentrum bedreift an d'Donnéeë bei sech stockéiert.

Au vu vun der Wichtigkeet vun deem Projekt de loi, souwuel um juristesche Plang wéi och um ekonomeschen, ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun dozou.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Klein. Dann hätt ech keen agedroene Riedner méi. Déi zoustänneg Ministesch kritt dann elo d'Wuert, fir nach e puer Wuert heiriwwer ze soen.

► **Mme Octavie Modert, Ministère de la Justice.**- Villmools Merci, Här President, un all meng Virriedner. Ech wëll awer besonnesch och dem Här Roth an der Madame Adehm Merci soe fir hir Ausféierungen, déi se hei zu deem Gesetz gemaach hunn an déi ënnerstrach hunn, wéi wichtig dat ass.

Dat Gesetz hei ass e kleng Projekt fir d'Chamber, mä e grouse Projekt fir de Cloud computing a fir nei ekonomesch Nischen a Kompetenzenopbau ze schafen zu Lëtzebuerg. Mat deem Gesetz gëtt Lëtzebuerg dat éischt Land, dat léigiféiert an engem Beräich, deem direkt um Cloud computing hânt. Mir moderniséieren de Code de commerce a ginn domadder eng wichtig Garantie fir de Benotzer, egal ob et e privaten oder e professionellen ass, vun esou Servicer.

Déi Retouche hei vum Code de commerce ass scheinbar liicht, awer, wéi gesot, immens wichtig fir déi berufleche Acteuren, egal ob et d'Benotzer sinn, déi musse ganz liicht hir Donnéeën oder hir Fichieren nees eraus kënnen kréien, oder awer ob et d'Benotzer vu Servicer sinn, déi zu Lëtzebuerg etabliert sinn, fir domadder all Assurancen hire Clientë kënnen ze ginn.

Et ass awer och fir de Privatbenotzer ganz wichtig, well mir maachen all Dag e Stéck Cloud computing, wa mer mat eisen Tableten, eise Smartphonnen, mat eisen - deemno wéi engen - Internetadressen ëmginn.

Dëse Projekt weist also de Wëllen, fir e juristesche Kader ze entwéckelen, deem dës Aktivitéit ugepasst ass, déi och ëmmer méi wichtig hei zu Lëtzebuerg an eiser Économie gëtt, well mer jo grad an eisen Infrastrukturen, Datazentren an informatesche Réseauen immens staark an deene leschte Joren hei zu Lëtzebuerg ent-

wéckelt hunn. An dat ass och e grouse wirtschaftlechen Atout, dee mer spille solle loosse a wouzou dëst Gesetz wesentlech kann hëllefen a bäidroen.

Dir Dammen an Dir Hären, Cloud computing ass e Begrëff, dee ganz villsäiteg ass, mä am grouse Ganze beschreift hien déi nei Tendenz, datt d'Benotzer vun neien Technologien, ob dat eng Entreprise ass, eng Bank, e kleng Betrib oder e privaten Endkonsument, net méi alles bei sech doheim op hirem Server oder hirem Harddisk vun hirem Computer stockéieren an hale mussen, mä ëmmer méi dat erausginn u Professioneller, fir dat fir si ze géieren, an déi dorobber spezialiséiert sinn. Dat ass jo och dee wichtige Virdeel heivunner.

Déi Spezialisatioun ka sech natierlech op dräi Niveauen ofspillen: d'Infrastruktur, d'Logicielen oder d'Plattformen. Am Beräich vun der Infrastruktur geet et ëm déi physisch Serveren, déi een da bei en Drëtten eriwwerlagert. Dat heescht, amplaz datt zum Beispill eng Bank hir eege Servere bei sech ënnen am Keller stoen huet, ass ëmmer méi d'Tendenz, dës engem gesécherten Datenzentrum ze ginn. Deen ass jo da souwuel um Niveau vun der Sécherheet, vum Know-how, vum Energieapprovisionnement, vun der Stroumsécherheet vill besser géint Pannen opgestallt a kann dat dee Moment och vill méi käschteneffizient maache wéi een, deem dat selwer bei sech mécht, deem säin Haaptmétéier, deem säi Kärmétéier dat net ass an dee sech op aner Saache soll konzentriere kënnen.

Dir gesitt also schonn, datt hei nei Méiglechkeeten, Beräicher a Beruffer entstoe kënnen, déi d'Regierung mat deem Text erméiglechen a favoriséiere wëllt, d'Regierung, déi der Chamber Merci seet, fir hei matzemaachen, fir nei Opportunités de marché, neie Business, en neien Zukunftsberäich an nei Nischen ze schaffen.

Am Beräich vun de Logicielen gesi mer et jo och all kéier. Amplaz datt ech als Eenzelne mer eng Software kafen, déi ech dann op all mengen x PCe lafen hunn, ersetze muss a Lizenze fir all PC muss kafen - mir kennen dat alleguer -, oder als kleng Betrib, deem zwee, dräi Mataarbechter huet, dann all kéier muss eng ganz Lizenz kafe fir all Computer, esou gëtt hei, fir deem dann op all eenzelne PC ze installéieren an ëmmer nees upzedaten, de Modell ëmgeännert.

Et ass also ganz besonnesch wichtig och fir kleng Betriber, well esou léisst een d'Software och an der Cloud lafen, also bei engem Cloud-Bedriwer, op deem all Mataarbechter via den Internet Accès hunn. Dat puert natierlech onnéideg Lizenzkeef. Et kann een hei vun engem Pay-as-you-go-Modell ëmklammen an d'Updaté vun engem Cloud-Bedriwer assuréiere loosse.

De Cloud computing huet de Virdeel also, fir Économies d'échelle mat sech ze bréngen, dat heescht Käschten ze spueren, an och, datt ee sech op säi Kärmétéier konzentriere kann an alles dat, wat doriwwer erausgeet, Spezialiste kann iwwerloossen. Dofir wäert, esou paradox wéi dat och kléng mag, och d'Kris an de finanziellen Drock, deem op de Betriber laascht, dem Cloud computing Wand an d'Selege ginn. Cloud computing ass käschtespuerend fir de Benotzer an et erlaabt him och nach, ëmmer um Top vun der neister Technologie ze sinn, well et net méi vun him, mä vum Cloud-Bedriwer assuréiert gëtt, well net all Mënsch oder all Betrib kann en Expert am IT-Beräich sinn.

Et ass also ganz kloer e Kompetitivitéitsfacteur fir eis Économie, egal ob fir eis PMEen oder fir eis grouss Betriber, fir déi IT net zum „core business“ gehéiert. Ausserdeem, well mer jo hei vu Spezialisten dat maache loosse, déi sech ëm soss näischt këmmere, ass dat Ëmfeld vill méi geséichert. Déi Datazentren si vill méi sécher wéi en normalen In-house-Server, deem ee bei sech stoen huet, deem een iergendwou a sengem Betrib huet. Mir hunn déi héchste Standards hei zu Lëtzebuerg. Et ass eng Infrastruktur, déi do ganz wichtig dran ass, mä mir hunn och méi e staarken Dateschutz an deem Beräich, well elo just dee Spezialist dorobber vill besser kann uechtdoen.

Et kënnt derbäi, datt mer de Moment amgaange sinn an Europa, en europäescht Règlement ze diskutéieren iwwert den Dateschutz. D'Wichtigkeet, datt Europa do méi wäit ass an och méi wäit geet wéi aner Kontinenter, ass och heiranner ee ganz wichtige Facteur. Och dësen Text gëtt eis hei e Virsprong; och eis Approche am Beräich vum Dateschutz gëtt hei souguer beim Cloud computing Europa - an domadder Lëtzebuerg - e grouse Virsprong, deem aner Kontinenter net hunn.

Mir hunn eis zu Lëtzebuerg mam Ausbau vun héich sécuriséierten Datazentren an der nationaler Konnektivitéit am Internet och gutt opge-

stallt, fir Cloud computing ze erlaben. Dofir sollte mer och legislativ de Rechtskader op dës nei Begebenheeten upassen. Well wat ass bis haut nach ëmmer d'Brems zum Cloud computing? Net d'Technologie. Déi ass prett. D'Brems fir de Cloud computing, also fir engem anere seng Donnéeën unzevertrauen oder seng essenziell IT-Outillen him unzevertrauen, déi ee brauch, fir säi Business ze assuréieren, d'Brems ass d'Vertrauen, éier een de Schrëtt mécht, enger Firma seng wichtegst Asseten, seng Donnéeën erauszeginn. Do muss ee Vertrauen hunn zu engem Drëtten, fir dës Schrëtt ze maachen.

Am Moment si mer an enger Phas, wou d'Betriber zwar an der Versuchung sinn, fir d'Effizienz an d'Käschtespueren, déi via Cloud computing kéinten erreecht ginn, dorop zrëckze-gräifen, mä wou Verschiddener awer nach retizent sinn, well se net wëssen, wat géif geschéien, wann zum Beispill ee vun de Cloud-Bedriwer, deem all hir Donnéeën hätt, géif Faillite maachen. An do spillt eist neit Gesetz hei. Et ass drëm gaangen, datt, am Fall vun enger Faillite vun engem Datazenter zum Beispill, een net de Risiko géif lafen, datt de Curateur vun der Faillite fir d'Éischt emol d'Serveren afréieren an de Stecker erauszéie géif, mä d'Gesetz gesäit vir, datt op deene Serveren eppes Immaterielles drop leeft an drop steet, wat net onbedéngt dem Failli gehéiert, mä deem senge Clienten, an datt déi d'Recht behalen, hir Donnéeën zrëckzefroen. Et ass also eng Fro vu Rechtssécherheet an et ass also an deem Kontext eng extrem wichtig Gesetzesnovelle gewiescht.

Et geet also drëm, fir de klasseschen Droit de revendication op d'Spezifisitéit vun der digitaler Économie ze adaptéieren.

Ech ginn net dovunner aus an hoffen et och net, datt mer dësen Artikel ze dacks gebrauchte mussen an Zukunft. Mir hunn alleguer léiwer, do geschitt näischt am Beräich vu Failliten; ech ginn och guer net dovunner aus. Awer et gëtt e festen a preventive juristesche Kader, deem d'Économie brauch, deem d'Investisseuren, besonnesch déi aus dem Ausland, déi hei op Lëtzebuerg komme wëllen, brauchen a siche fir hir wirtschaftlech a juristisch Sécherheet. Mir schaffen heimat e Vertrauenskader an zéie Clienten un, déi heiduerch éischter de Sprong op de Cloud sech trauen ze maachen a sech do sécher spieren.

Dëst neit Gesetz ass och e Verkäfsargument fir d'Cloud-Bedriwer, déi domat zu Lëtzebuerg fir d'Éischte kéier eng spezifesch Législatioun an där Matière hunn an dofir sech vlächst léiwer zu Lëtzebuerg wäerten etabléiere wëlle wéi am Ausland, well Lëtzebuerg heimat bewisen huet, datt et e Land ass, wat d'Zäitalter vun der digitaler Économie erkennt a seng Législatioun op déi Erausforderunge wëllt adaptéieren.

Ee wichteg Argument hu mer hei nach mat derbäibuecht: Dat ass dat vun der Rapiditéit. Dofir Merci dem Rapporteur, Merci der Chamber, Merci och dem Statsrot an allen, déi hei gehollef hunn, datt mer immens séier konnten hei an deem Gesetz zur Ofstëmmung kommen, dat nach vu mengem Virgänger Fränz Biltgen déposéiert ginn ass, dee vill dorunner geschafft huet.

Mir kréien en Avantage compétitif fir Lëtzebuerg mat deem Gesetz. Awer mir hunn och en Avantage compétitif fir Lëtzebuerg mat dëser rapider Zesummenaarbecht, well ech wëll et ënnersträichen: Dëst gëtt Implizéiere vun alle betroffenen institutionellen Acteure weist eemol méi, datt mir an eise Land ëmmer nees an ëmmer nach d'Fäegkeet hunn, fir e favorable Ëmfeld fir d'Entwécklung vun neie wirtschaftlechen Aktivitéiten zu Lëtzebuerg ze schaffen, dat heescht nei Aktivitéiten unzeziehen op Lëtzebuerg, an dat als Virreider an Europa, wou mir déi Éischt sinn, déi dësen neie legislative Kader an dës nei Rechtssécherheet bidden. Et ass e wichteg Virsprong fir d'Lëtzeburger Économie, a fir auslännesch Gruppen heihinner unzeziehen. An, Dir Dammen an Dir Hären, den Timing hätt net besser kënnen sinn!

Villmools Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Minister. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projekt de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6485 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projekt de loi ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes,



Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Die-derich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schrei-ner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Pol-fer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6523 iwwert d'Banques d'émission de lettres de gage, deen och eng Ofännerung vum Gesetz iwwert de Finanzsektor mat sech bréngt. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festge- luecht, an et huet sech just den Här Claude Meisch agedroen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

8. 6523 - Projet de loi relative aux banques d'émission de lettres de gage et portant modification de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Gilles Roth** (CSV), *rapporteur*.- Här Pre- sident, Dir Dammen an Dir Härën, mat dem Gesetzesprojet 6523 passe mir eis Gesetzge- bung iwwert d'Pfandbréiwer un. Dat ass ee Plus fir d'Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz. Et ginn nei Créneauen op an d'Investisseure kréien och méi Sécherheet.

E Pfandbréif ass u sech eppes ewéi eng garan- téiert Obligatioun. D'Bank léint, ähnlech wéi bei enger Obligatioun, Sue bei Investisseuren a si verléint duerno dës Sue weider. Déi Prëten, déi d'Bank accordéiert, musse garantéiert sinn, entweder duerch eng öffentlech Institutioun, duerch Immobilië respektiv duerch aner mobil Géigewärter. An d'Sécherheet vun dem Inves- tisseur, déi ass quasi 100%. Firwat?

Mä den Investisseur kritt vun der Bank eng sou- genannt „Lettre de gage“, also ee Pfandbréif. Domat huet den Investisseur am Fall vun der Faillite vun der Bank e prioritäert Recht, fir seng Suen direkt bei deem zrëckzefroen, wou d'Sue vun der Bank weiderverléint goufen. D'Aktiva, déi de Prêt vun der Bank garantéieren, däerfen dofir net vun anere Leit saiséiert ginn. An d'Kiischt um Kuch: D'Prioritéit vun den Inves- tisseure gëllt esouguer virun dem Stat.

Här President, Pfandbréiwer sinn eng beléiften Investitioun fir Leit, déi eng grouss Sécherheet an hire Wäertpabeiere sichen. Dat gëllt virun allem bei sougenannten „institutionelle Clienten“. Den Ursprung vun de Pfandbréiwer, dee läit an Däitschland, den éischte Pfandbréif gouf do 1770 ausgestallt. An eis Lëtzebuerger Gesetzgebung, déi staamt aus dem Joer 1997. Si ass enk op den däitsche Modell achséiert. D'Upassungen, déi mir haut ofstëmmen, gou- fen an Däitschland Enn 2010 agefouert.

Mir halen un dem sougenannten „Spezialban- keprinzip“ fest. Dat heescht, eng Bank, déi Pfandbréiwer ausstellt, kann nëmmen déi Akti- vitéit hunn. Si muss fir dës Aktivitéit och aus- drécklech vun eiser Bankenopsicht, der CSSF, autoriséiert ginn. Dat läit am Sënn vun der Sé- cherheet vun den Investisseuren, déi deemno ni a Konflikt komme mat anere Clientéit vun der Bank. Op eiser Finanzplaz sinn de Moment sechs Banken agedroen, déi ausschliesslech dem Geschäft mat de Pfandbréiwer noginn.

Här President, nach kuerz déi punktuell Änne- rungen.

1. Bis elo konnten d'Banken, déi sougenannt „lettres de gage publiques“ op eiser Finanzplaz ausgestallt hunn, nëmme Prëten accordéieren, déi duerch eng öffentlech Institutioun vun engem OCDE-Memberstat garantéiert waren. Mat dësem Projet de loi kënnen a Zukunft Suen och un Net-OCDE-Membere weiderver-

léint ginn, virausgesat, dës Länner hunn eng héich Bonitéit. Dat geografesch Aktivitéitsge- bitt vun eise Verbréiungsbanken gëtt deemno méi grouss.

2. Mir féieren eng nei Kategorie vu Pfand- bréiwer an, déi sougenannt „lettres de gage mutuelles“. Domat kann eng Pfandbréifbank net nëmme Prëten accordéieren, déi duerch eng öffentlech Institutioun, Immobilien oder spezial mobil Wäerter garantéiert sinn, mä och Prëten un aner Banke maachen. D'Viraus- setzung ass, dass dës Banken Deel si vun engem institutionelle Garantiesystem. Also gëtt och de Geschäftsradius vun de Verbréiungs- banken op dësem Plang ausgeweit.

3. De Gesetzesprojet féiert e sougenannten „ring-fencing“ an, dat heescht eng méiglech Kompartimentéierung vun der Pfandbréifbank. Wann d'Pfandbréifbank an engem Deel vun hi- ren Aktivitéiten zahlungsounfäeg wier, da kéint e Gericht just dës Deelaktivitéit a Liquidatioun setze respektiv e Sursis de paiement, also en Zahlungsschub, ginn. Dat huet zum Avan- tage, dass all aner Aktivitéite vun der Bank kënnen an esou engem Fall weidergeféiert ginn am Intérêt vun der Sécherheet vun de Clienten. D'Verbréiungsbank besteet virun an hirer juristescher Form fir all Aktivitéiten, déi nach solvabel sinn.

A wéi leeft dat konkret of? Am Fall vun enger Deelinsolvenz proposéiert d'CSSF - eis Banken- opsicht - dem Gericht, en Administrateur, ee Sachverwalter ze nennen, deen dann all Aktivi- téite viruféiert, déi zahlungsfäeg sinn. Fir seng Missioun ze exercéieren, kéint dësen Adminis- trateur ënner verschiddenen Oplagen esouguer Liquiditéite bei d'Zentralbank siche goen.

Dir gesitt, dass och op dësem Plang no Flexibi- litéit gesicht gëtt, fir engersäits d'Aktivitéite vun der Bank net a Fro ze stellen a fir zu gläicher Zäit fir e Maximum u Sécherheet a Garantë fir de Client ze suergen.

Här President, dat ass wuel en technesch kom- plexe Gesetzesprojet. Ech hu versicht, e besch- méiglech vereinfacht ze präsentéieren. Et ass ee wichtege Projet. Hie gëtt eiser Finanzplaz e wei- dere Créneau. Dat ass an dësen Zäiten net vu Muttwëll. De Plus u Kompetitivitéit fir eis Ban- keplaz gëtt och vun allen Acteuren, dat heescht dem Statsrot, der Chambre de Commerce an dem Sektor begreist.

Ech verweise fir de Rescht op mäi schrëftleche Rapport, deen eestëmmege vun der Finanzkom- missioun ugeholl gouf, an ech ginn d'Zoustëm- mung och vun der CSV-Fraktioun.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Gilles Roth. Ech mengen, domat wär alles gesot. D'Regierung huet deem näischt bäizéigen. Dat heescht, datt mer kënnen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6523 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi per- séinlech Stëmme. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmme an enger Nee-Stëmm.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6523 est adopté par 59 voix pour et 1 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Die-derich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schrei-ner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Pol-fer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes.

A voté non: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Eisen nächste Punkt ass de Projet de loi 6549, eng Ofännerung vu verschiddenen Handelsac- corden, déi no de leschten Adhésiounen vun EU-Memberlänner néideg waren. Hei ass d'Rie- dezäit nom Modell 1 festgeluecht, an et huet sech bis elo just den Här Hauptert ageschriwwen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, d'Madame Lydia Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

9. 6549 - Projet de loi portant appro- bation de la décision 8123/07 du 23 juillet 2007 du Conseil et des repré- sentants des gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil, relative à la conclusion des accords au titre de l'article XXI de l'AGCS avec l'Argentine, l'Australie, le Brésil, le Canada, la Chine, le terri- toire douanier distinct de Taiwan, Penghu, Kinmen et Matsu (Taïpei chinois), la Colombie, Cuba, l'Équa- teur, Hong Kong (Chine), l'Inde, le Japon, la République de Corée, la Nouvelle-Zélande, les Philippines, la Suisse et les États-Unis d'Amérique concernant les modifications et ajus- tements compensatoires nécessaires à la suite de l'adhésion de la Répu- blique tchèque, de la République d'Estonie, de la République de Chypre, de la République de Letto- nie, de la République de Lituanie, de la République de Hongrie, de la Ré- publique de Malte, de la République d'Autriche, de la République de Po- logne, de la République de Slovénie, de la République slovaque, de la Ré- publique de Finlande et du Royaume de Suède à l'Union européenne

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **Mme Lydia Mutsch** (LSAP), *rapporteuse*.- Merci, Här President. Am Kader vum Accord général sur le commerce des services, deen awer besser bekannt ass ënner sengem engle- sche Kierzel GATS, ass all Memberstat vun der Welthandelsorganisatioun, der OMC, gehalen, eng Lëscht vu sougenannten „engagements spécifiques“ opstellen. An dës Lëscht gëtt festgehalen, ënner wéi enge Konditiounen a Modalitéiten e Memberstat säi Marché fir Dëngschtleeschungen aus anere Staten op- mécht.

E Memberstat ka seng Engagementer elo net einfach esou zrëckzéien oder änneren, wéi dat him grad gefält. Wann ee gären Ännerunge mécht, da muss een dat fir d'Éischt, wéi et am Artikel 21 vum GATS virgesinn ass, dem Conseil du commerce des services notifizéieren an da mat deene Staten, déi sech doduerjer affec- téiert fillen, iwwer Kompensatiounen eens ginn.

D'Europäesch Kommissioun huet 2004 esou Verhandlung gefouert, dat, well d'Liste d'en- gagements spécifiques vun der deemoleger Communautéit sech nëmmen op zwielef Mem- berstate bezunn huet an net op déi aner 13 Memberstaten, déi der Unioun duerno tëscht 1995 an 2004 bäigetruede waren. Déi 13 ha- ten nach ëmmer hir individuell Lëschten aus där Zäit virun hirem EU-Bäitritt.

Et ass an där Situatioun drëms gaangen, fir sé- cherstellen, dass dës nei Memberstaten ënner déi horizontal Beschränkungen an der commu- nautaire Lëscht fale sollten a keng Engagemen- ter oprechterhale géifen, déi géint den Droit communautaire kéinte verstoussen. Dofir war en Agrëff an déi verschidde Lëschten also néi- deg. Déi sinn notifizéiert ginn an doropshin hunn 18 Staten deklaréiert, si wiere vun deene Modifikatiounen affectéiert. D'Communautéit huet dunn d'Verhandlung mat deene Staten opgeholl an huet sech och iwwer Kompensa- tiounen mat hinne géeneegt. Déi notifizéiert Än- nerungen, déi goufe schliesslech zesumme mat den ofgemaachten Ausgläichsregelungen an déi konsolidéiert GATS-Lëscht vun der Commu- nautéit opgeholl.

D'Accorde mat 17 Staten - Uruguay hat nämlech entre-temps seng Demande zrëckge- zunn - si Géigestand vun enger Décisioun vum Conseil a vun den am Conseil vereenegte Ver- trieder vun der Regierung vun de Membersta- ten. An dëser Décisioun solle mir haut eis Zou- stëmmung ginn.

D'Communautéit ass iwwregens den éischte Member vun der OMC, deen d'GATS-Bestëm-

mungen iwwert d'Modifikatioun vun den Enga- gementen am Beräich vun den Dëngschtleesch- tungen benotzt huet. Duerch d'Konsolidéierung vun der Dëngschtleeschungslëscht kënnen d'Engagementen vun der Communautéit op dësem Plang an engem eenzegen Dokument fir 25 Memberstaten elo duergestallt ginn.

Mir wëssen awer, dass mer heimadder de Pro- blem nach net ganz geléist hunn, well mer an der Tëschenzäit jo zu 27 an der EU sinn an dat nächst Land, Kroatien, kuerz virum Bäitritt ass. Dofir ass et néideg, an enger zweeter Phas dees- selwechten Exercice nach eng Kéier ze maache fir d'EU 27, mat Rumänien a Bulgarien, an dann nach eng Kéier duerno mat Kroatien ze maa- chen.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der LSAP- Fraktioun fir dës Projet a soen och gläichzäiteg Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président**.- An ech soen der Ma- dame Rapporteuse Merci. Et wär alles zu deem Projet gesot, esou datt mer direkt zur Ofstëm- mung kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6549 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi per- séinlech Stëmme. De Vote par procuration.

► **Une voix**.- Hei geet en net.

► **M. le Président**.- Mir kucken dat no.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmme.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6549 est adopté à l'unanimité des 59 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lu- cien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wol- ter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Die- derich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schrei- ner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Pol- fer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Fir haut de Mëtteg huet d'DP-Fraktioun ze- summe mat der Fraktioun vun deene Grénge eng Aktualitéitsstonn iwwert de Rapport, deen iwwert d'Bedelegung un der Cargolux vun In- vestisseuren aus dem Katar gemaach ginn ass, ugefrot.

D'Riedezäit ass laut Artikel 84, 2. Alinéa vum Chambersreglement festgehalen a gesäit Fol- gendes vir: Deene Fraktiounen, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot hunn, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktiounen jeeeweils fënnf Minutten, de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Véirelstonn. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Boden, Lux a Gibéryen.

D'Wuert huet elo fir d'Alleréischte den Här Fer- nand Etgen als Vertrieeder vun der DP-Fraktioun. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

10. Heure d'actualité du groupe par- lementaire DP et du groupe par- lementaire déi gréng au sujet du rap- port présenté à la presse luxembour- geoise quant à la prise de participa- tion par des investisseurs qataris dans Cargolux

► **M. Jacques-Yves Henckes** (Onofhängeg).- Här President.